LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 09 MARS 2018

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82840
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**L-2450 LUXEMBOURG**

n. réf.: A37.251.18

**Objet : Question parlementaire n°3619**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Vice-Premier Ministre,
Ministre de la Défense,

Étienne SCHNEIDER

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question No 3619 du 9 février 2018 de l'honorable Député Fernand Kartheiser**

**Zur 1. Fro:**

Lëtzebuerg war op der Reunioun zu London de 5. Februar 2018 vertrueden. Op der Dagesuerdnung vun der Reunioun stoung eng aktuell Bestandsopnam vum Programm, déi reegelméisseg stattfënnt. Ech verweisen ob meng Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 2883 fir drun z'erënneren da's net direkt tëschent Airbus an de Länner vum Programm verhandelt gëtt, mä da's d'Verhandlungen tëschent der Agence OCCAR, am Numm vun den Länner, an Airbus verlafen.

An der Kontinuitéit vun den Diskussiounen vun de viregte Reuniounen, gouf de 5. Februar eng Absichtserklärung ("declaration of intent") vun de 7 Keeferlänner mat Airbus ënnerschriwwen. Dës Erklärung leet d'Prinzipie fest, no deenen den ursprénglech Kontrakt geännert gëtt, fir d'Fortsetzung vum Programm z'erliichteren. Domadder ginn d'kontraktuell Rechter vun de Länner garantéiert a gläichzäiteg d'Risike fir Airbus bei der Duerchféierung vum Programm begrenzt.

**Zur 2. Fro:**

De Präis fir de Lëtzebuerger Fliger bleift onverännert.

**Zur 3. Fro:**

De Präis beleeft sech op 168.660.702 Euro, plus 28.672.319 Euro TVA (17%). D'TVA gëtt zu Lëtzebuerg un den Enregistrement bezuelt.

**Zur 4. Fro:**

D'Liwwerung vum Lëtzebuerger Fliger gouf op Ufank 2020 verluecht, dëst och no Koordinatioun mat eisem belsche Partner fir d'Opstelle vun der binationaler A400M-Flott net ze perturbéieren.

**Zur 5. Fro:**

D'Lëtzebuerger Fluchpersonal ass am "15e Wing" integréiert, enger Lofttransporteenheet vun der belscher Arméi, déi um Militärfluchhafen zu Melsbroek bei Bréissel stationéiert ass. D'Lëtzebuerger Fluchpersonal féiert am Optrag vun de Memberstaate vum "European Air Transport Command" (EATC) Lofttransportmissiounen op belschen C130H-Fligere aus. D'Verspéidung vun der Ausliwwerung huet keng Konsequenze fir dës Persounen.